# E grousse Merci

## Remerciement vun der Chrëschtdags-Liewensmëttelpak-Aktioun



**Ollem.** Vill Hänn, déi upaken, bréngen e wonnerbaart Resultat: Zwee vollgepaakte Fernlasteren hunn am Dezember Ollem a Richtung Bocsa (Rumänien) a Lutsk (Ukrain) verlooss, wou si och gutt ukomm sinn. Nom Ofluede sinn déi 2 921 Liewensmëttelpäck, awer och Spillsaachen, Kleeder, Vëloen, Babybettercher, Kutschen, waarm Decken a villes méi, un aarm Kanner an hir Familien, sou wéi u Kannerheemer verdeelt ginn an erméiglechen hinnen esou e schéine Chrëschtdag. D'Kanner a Famillјenhëllef asbl. seet Iech en häerzleche Merci fir d'Ënnerstëtzung bei der Chrëschtdags-Liewensmëttelpak-Aktioun.

*Vanessa Elsen via mywort*